Eis justiz muss dem leed a misär vum vollek an déne vergângene véer joer voll a ganz rechnong droen.
Dir hut recht op arbécht well dir hut elo lâng genuch neischt verdengt an et ass arbecht am Land fir generatiounen.

# D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer: 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgâss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

**Jor 1 · No 12 · 16. Dezember 1944**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V.D. UNION) * ORGAN VUN DER UNIO'N * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Mir wöllen arbecht a gerechtegkét

## Un „ons Jongen"

Mei le'we Frönd!

Du frés mech, wat ech vun der Ligue „Ons Jongen" halen? Dat ass offen eraus gefrot an ech wöll dir grad eso frei äntweren.

D'Idi, iech ze organise'eren ass ganz gudd: Dir huet Fuerderongen, Rechter an och Pflichten ze vertriéden an durfir ass et gur net schlecht, wann der ère Programm zesummen opstellt. Et ass jo leider eng Tatsach, datt den énzelnen, besonnesch wann hién eppes furgert, schwâch ass, datt awer eng gro'ss Zuel, de' nömme just datselwecht wöllt, méschtens Recht kritt. Dir huet jo och bestömmt me' am Krich gelidden we' verschidden aner Gruppen, de' sech haut zesummeschle'ssen fir zu hirem ze kommen. Durfir sin ech der Ménong, datt dir och d'Recht a vleicht eso'gur d'Pflicht huet, Iech ze organise'eren.

Dir sidd elo eng gro'ss Organisatio'n an èr Rei ass eng lang. Et bestét durfir elo fir iech grad ewe' fir verschidden aner gro'ss Organisatio'nen d'Gefor, ze vill éseiteg ze sin. Wann nämlech e gro'sse Verein sech gebild huet, da mengt hién allzevill dax, d'Welt misst sech nömmen ausschliesslech öm hién dre'en. Hién trött nömmen ervir matt senge Furderongen an e vergösst zevill gär datt hién och Pflichten vis-à-vis vun der Allgemenghét an der Hémecht huet. Et ge'ng mer se'er léd dongen, wann èr Ligue ge'ng an de'selwecht Féler falen. Ech gin iech durfir e gudde Rot: Stellt haut nömmen eso' Furderongen de' sech verwirkleche lossen. Wann d'Zeiten emol besser gin, da sidd der jo och nach do (ech hoffen et we'negstens) fir op èr Rechter ze pochen. Der musst bedenken, datt och bei dénen anere Leiden haut nach villes net eso' gét, we' et soll goen a mer mussen ons (wa mer wöllen offe sin) soen, datt zo' engem gro'ssen Dél dorun de Krich, d. h. anormal Zeiten, schold sin.

Dat verhönnert net, datt Dir schon haut gerecht Furderongen opstelle könnt, de' och direkt verwirklecht könne gin: Dir huet recht op nei Kléder an et soll och gesuergt gin, datt der der kritt. So'vill we' ech wéss, ass an dèr Hisicht scho ville gehollef gin. Wann dat ower op verschidde Plazen net geschitt ass, dann huet dir vollkomme Recht, wann der e bössen Drock dohanner macht.

Dir huet Recht op Arbecht, well dir huet elo lang genuch neischt verdengt. Eng Partie vun iech ass scho fest ugestallt, anerer hu provisoresch Arbecht; wién nach keng huet, dé muss der kre'en; et ass nämlech Arbecht genuch am Land an et ass net dorun wo' et hält. De' Fro vun der Arbecht huet awer och eng aner Seit. Et soll virkomm sin, datt Jongen, de' eng Arbecht ugebuede kritt hun, dèr Arbecht de' kal Schöller gewisen hun, well se hinnen net sche' genuch war. Ech mengen, et wär elo net de Moment fir sech eso' Tricken ze léschten; ech denke villme', et ge'ng elo dröm goen, de gudde Wöll ze weisen an eng Hand unzepaken, wann e sech derbei och emol eng Ke'er d'Fangeren e bössen dreckeg mecht. Et ka jo zwétens och net jidferén Direkter gin, zemol wann én dozo' de' ne'deg Kapazite'ten net huet. An da go'w et jo och eng gudd Partie Leit, de' Iech am Krich hirt méscht an hirt bescht gehollef hun; wann der dénen elo ge'ngt e bössen beisprangen (si wöllen et jo och net ömsoss) da wir dat jo och wirklech fir iech keng Schan. Wa mer eröm normal Zo'stänn hun, da krit der jo och hoffentlech de' Plazen, de' iech no ärem Wèrt als Letzeburger an als Mönsch zo'kommen an de' èrer Berufsausbildong an èrer Arbechtsléschtong entspriéchen. Dat ass èrt Recht an dat stét iech och zo'.

Dir huet och Recht op eng Entschiédegong fir de Schued, dén iech durch de Krich erwues ass. So'vill we' ech vun der Sach verstin, ass geplangt, de materielle Verloscht, dén dir durch d'Preisen erlidden huet, bei de' gro'ss Löscht vum Krichsschued ze klaken. Dat ass jo wuel prinzipiell richteg, awer praktesch ass domatt engem gro'ssen Dél vun iech net gehollef. Wann duerfir elo é vun iech aus bestömmte Grönn Geld brauch, da könnt de Staat him vleicht dat ne'degst o'ni Zönse virstrecken, bis de Krichsschued ausbezuelt get oder ère Frönd et zreckbezuele kann.

Du frés mech och, wat ech vun der Examefro halen. Et ass jo schon eso' vill doriwer hin an hir geschriwe gin an ech mengen et wär do vill lâscht de Kär vun der Sâch geschwat gin. Dat Wurt „Examefro" gefällt mer schon fir unzefänken gur net. „Ons Jongen" si jo net nömme Studenten ma och Le'erjongen, Gesellen, spe'der Geschäftsleit an ons Bauere vu mar. Durfir wär et menger klenger Ménong no me' richteg, wann der dat Kapitel iwerschriwen hätt: „D'Fro vun der Le'er". Et ass leider eng Tatsâch, datt der durch d'Preisen én oder e puer Jor vun èrer Le'er, sief et an der Wierkstat, am Geschäft oder an der Scho'l, verluer huet. Dat énzegt Möttel, de' Zeit erömzegewannen, wann se iwerhapt erömgewonne ka gin ass en eiserne Fleiss. Du wölls dach secher net de preisesche Parteibutek noman d. h. én dén e gudde Parteimann ass (an èrem Fall e Member vun der Ligue „Ons Jongen") krit eng gudd Plaz, wann en och eso'gur net kapabel ass, do seng Arbecht ze mâchen. Dat wär vun èrer Seit net patriotesch an och net sozial geduecht an ech gléwe kaum, datt der d'Sâch eso' gemengt hut. Wién haut eng Plaz krit (an hoffentlech ass et och mar nach eso') dé muss e'schtens e gudde Letzeburger sin an zwétens muss en och eppes können, dat ass meng Ménong. Dat verhönnert awer net, datt et fir iech haut eng Fro vun der Le'er get. Dir hat scho Schued genuch an et wär durfir net an der Rei wann de' aner jong Leit an èrem Alter de' d'Chance haten heibleiwen ze können (an dèr Chance vleicht e bössen diskret nogehollef hun) iech all Plazen virun der Nues ewegschnappe ge'ngen. Der huet genuch durch de Krich gelidden an durfir ass et eis Pflicht iech materiell an idéell önnert d'Ärm ze greifen. Dir sollt de' e'scht sin, de' ustänneg Plazen kre'en, natirlech önnert de Conditio'n, datt der se och ausfölle könnt. Wat d'Capacite'ten a besonnesch d'Le'er ubelangt sidd der elo durch èr verluren Zeit handicape'ert. Et ass durfir èrt Recht, ze verlangen, datt et iech me'glech gemat get, de Virspronk vun dénen aneren a kirzester Zeit wettzeman. Verlangt fir iech Spezialkuren an de Scho'len, verlangt eng Sonderausbildong fir iech an der Wierkstat a beim Méschter. Dat ass menger Ménong no an dèr Fro den énzegen a richtege Wé; well wann der o'ni eng ordentlech Le'er an d'praktescht Liéwen eragit, da sidd der herno dobei selwer de' Domm. Fir awer op dèr aner Seit ze verhönneren, datt de', de' heibleiwe konnten an och de' me' jonk iech de Virzock huelen, braucht der nömmen ze verlangen, datt all Ustellongen elo provisoresch sin an datt de' aner herno

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

## Antwerpen ass op

Vu grousser wirtschaftlecher bedeitong fir t union économique ass et datt den Antwerpener hafen erem frei ass. Belgien kënt dodurch erem an t lag wichteg wuren vun iwersee ze importéeren, an dém mooss wé et d alliéert, bei de groussen transportschwieregketen, erlaben. Mir wëssen matt watfir enger ongedold och mir lëtzeburger op den dag waarden, wou den internationalen handel erem an normal bunne leeft, an domat d virkonditioun geschaf get, och erem e gesond verhältnes tescht de preisser an de wuren erbeizeféeren. Onse liewensstandard henkt enk matt dem importatiounsquantom vun onse belschen noper zesummen. Elo wou den hafen erem frei ass, stellt sech och d Fro fir d alliéert, wé weit si berét sin, scho viru krichsenn tescht Belgien an den ausländeschen märt op der aner seit vun de miren nei austauschrelatiounen ze schafen. D alliéert autoritéten hu scho fir de belsche ravitaillement 90 tonnen kaffi zur verfügong gestallt, op grond vun dénen an alle lokalitéten vun iwer 20 000 awunner 25 gramm op de Kapp verdeelt konnte gin. Et si weider importatiounen vu kaffi virgesin, dé eng ratioun vu 50 gramm un all konsumenten ermégléchen. Et sin och fir geschwën aner liewesmëttelimporter z erwaarden, ënner aneren 6000 tonnen wéss oder miel, 18 000 tonnen drechend gemés, 800 tonnen salz, 800 tonnen konservéert fleesch a konservéert gemés, 600 tonnen kaffi an 1120 tonnen hierken a a fässer. Drei tanker sollen geschwën 750 tonnen iessueleg fir d margarinsfabrikatioun erbeischaafen.

D Belsch huet d bedeitong vun enger normaliséerong vun den importer agesin, an dofir och no dem deblockéeren vum Antwerpener hafen eng wirtschaftlech missioun op London gescheckt, e belsche büro zu Washington opgemaach an zu Brëssel selwer pourparléen matt den delegéerten vum alliéerten chiefcommando opgeholl. Fir datt des beméongen koordinéert kënne gin, ass e ministèr ouni portefeuille speziell fir dese fall geschaaf gin. Et ass den här Kronacher, reserve-artilleriemajouer a senator, dé matt der missioun chargéert ass. Hie war fréer militärattaché zu London an e war och laang an Amerika. Dofir huet en d vertraue vun den alliéerten autoritéten. Et ass seng missioun all froen z ënnersichen, dé matt dem import zesummenhènken, de kontakt matt den ausländeschen autoritéten oprecht ze erhaalen, iwer d importatiounen an den tonnage ze ënnerhandelen an decisiounen no de regirongsdirektiven ze huelen. Seng arbecht geschit an enkster verbindong matt de minsterie vun den affaires économiques a vum ravitaillement. — Mir lëtzeburger sin un der ganzer entweckelong intresséert, well mir op ìnuench artikele laueren, dé mir esou laange Joren net haaten, ouni dé wuren ze nennen, dé mir ablecklech nach hun, dé ouni import ower aus Belgien, ons an der nèxter zeit ëmmer mé knapp géwen. De burgerméschter vu Meulenbroek vu Bréssel haat kirzlech emol gesoot: „Git ons e pur Schëffer, a mir kënnen aus Belgien genug liewesmëttel fir d ganzt belscht vollek aféeren." Enn oktober as eng petitioun un de staatsgouverneur am Congo gerîcht gin, an dèr gebiede get, de belschen 5000 to-dampfer „Astrida" fir liewensmëtteltransporter no Belgien an den dengscht ze stellen.

Daat schëff ass nach am engleschen dengscht, an eréscht matt der genehmegong vun England kann et fir de liewesmëtteltransport frei gemaach gin. Esou weit mir gesin, si schëffer fir dé belsch importatiounen zur verfügong. Den här staatsminister Dupong huet ons jo och schon d aussicht gestallt, datt mir, wann den hafen vun Antwerpen erem op ass, och matt déne wichtegen artikele beliwert géwen.

Mir wëssen, datt ons regirong vill akéf a Canada an an Amerika gemaach huet, fir all dé lücken, dé af onser ernierong an an onser lieweswichteger versurgong durch de krich entstaane sin, erem auszefëllen.

Mir erwarden neischt onmégleches, ma mir hoffen, datt mir bei den neien importen durch den Antwerpener hafen, net un der lèschter plaaz kommen. An d vollek geséch secher gär, wann en etlech tonne kaffi an d land kémen. Gewëss bestin transportschwieregkéten aus direkte noschubgrënn fir d arméen, ma mir hun d recht ze verlaangen, datt, wa schon liewesmëttelimporten fir Belgien vun den alliéerten begënschtegt gin, och mir derfir surgen, datt eppes klengs fir ons offällt no de richtege proportiounen.

SERVUS.

## Durch Reider a Wân

Wa fir d'Land aus der No'twenneg-két ons Landwirtschaft gesond a stârk z'erhalen, d'Pflicht erwiesst, hirer Produktio'n fir d'spe'der Zeiten eng gewössen Rentabilite't ze garante'eren, dann huet de Bauer durge'nt ower och eng duebel Pflicht. A schwe'ren Zeiten muss hien dem Land d'Trei hâlen, durch seng de'f letzeburgesch Gesönnong fir 't e'scht, an fir d'zwét dodurch, datt en, wann No't um Man ass, sei me'glechst mecht fir vill ze produze'eren, an dat wat e produze'ert, zo' de festgesate Preîsser sengem Land zo'kommen ze lôssen. De' Pro'f huet de Bauer am Krich misse bestoen, si léft haut nach ömmer virun, wann och op eng aner Mane'er.

Mir könne matt Stolz soen, datt de Bauer am Krich an E'ere besto'ng. Et durf én allerdengs net ze vill Gewîcht durop verléen, datt, bis ob e puer bedauerlech Ausnahmen, de Bauer sech vun der VdB. eweggehalen huet. Et wor sche'n, an et muss och erkannt dem preisesche Krätz wollt ze dinn hun. Mé et muss én ower och bedenken, datt hien net eso' vun de Preisen ofho'ng, we' de' méscht aner, de' d'Preisen net eso' onbede'ngt ne'deg haten we' de Bauer. E Beamten, dén net an d'VdB. go'ng, huet sei Bro't verluer, e go'f no Deischland verschléft. De Bauer hat dat net eso' ze färten.

Seng Haltong am allgemengen wor eng echt patriotesch, an et kann én o'ni ze zecken soen, datt en de' e'scht Pflicht, vun dér mir uewe geschwât hun, voll a ganz erföllt huet. Bis op e puer Ausnahmen, de' sech grad eso' fir hir net ganz letzeburgesch Haltong veräntwerte mussen, we' all aner Letzeburger, dénen eppes virzewerfen ass.

De Bauer huet am Krich seng Produktio'n me'glechst intensive'ert. Durfir huet en ower matt der Ofliwerong zreckgehâlen a ganz gro'ss Quantummen ewegzehale verstanen, fir de Letzeburger se direkt zo'kommen ze lôssen. An desem Krich, eso' lâng we' d'Preisen hei woren, de letzeburger „Hamsterer" me'glechst vill zo'kommen ze lôssen, wor keng schlecht Dôt, mé 'e Verdengscht. Wann d'Bauere me' ofgeliwert hätten, dann hätten d'Letzeburger an de Stied durfir dach net me' kritt, mé den Oennerschéd wèr restlo's „Heim ins Reich" gângen an hätt de Preisen genotzt.

Wann ons Baueren durfir, bis zum 10. September 1944, me'glechst vill gezillt, me'glechst we'neg ofgeliwert, an de Letzeburger me'glechst vill „hannenerem" verschâft hun, da wor dat eng patriotesch Dôt, de' all Luef verdengt — virausgesât, datt se dat net gemâch hun fir sech ze bereicheren, mé fir de Letzeburger ze hellefen. De' lescht Bedengong hu se erföllt, wann se de letzeburgeschen „Hamsterer" keng iwerdriwe Preîsser ofgefuerdert hun.

A weitaus an de méschte Fäll hun s'et eso' gemâch, an si hun och dodurch sech e weidert Recht geschaft, a spe'deren, fir si me' schlechten Zeiten, den Ofsâz an d'Rentabilite't vun hirer landwirtschaftlecher Produktio'n gesichert ze kre'en. Si hun domatt allerdengs nömmen hir patriotesch Pflicht erföllt. Mé och dat verdengt all Unerkennong. Et wèr hinnen jo all eso' lîcht gewiescht, ganz he'ch Preîsser fir de' hémlech verkaft Liewesmöttel anzestéchen. Si hu se offere'ert kritt, net eng Ke'er, mé honnert an dausent mol. A mir wössen all, datt et schwe'er ass, eso' e lîchten Verdengscht aus purem Patriotissem an aus Menschlechkétsgefill ofzeweisen.

Et go'wen och Baueren, de' de Schleckjang erausgeke'ert hun. Et sollen der gin, de' net nömmen 10 Mark an nach me' fir d'Pond Hâm ofgeholl, mé dé Preîss eso'guer gefurdert hun. Et soll der och gi sin, de' de Preisen grad eso' gäre geliwert hun, oder so'guer nach le'wer, well de' me' deier gebueden hun, oder well se gemengt hun, si hätten da me' Protektio'n. Dat si schlecht Letzeburger, a wann se och a kenger VdB an a kenger NSV woren! Si hun de Misèr vun hirem Land ausgenotzt fir traureg Geschäfter ze mâchen, si hun de Preiss begönschtegt. Si hun och onsen e'erleche Baueren schwe'er geschued, an hirer Beruffe'er an och direkt materiell, wann hir erbärmlech Kuschtegkét op de ganze Beruff zreckfällt.

(Get fortgesat op der 4. Seit.)




Den Evacue'erten: „Mei Gott, wann et wierkiech eso' ass, datt d'Geschäfter all Wuren fir de' Ömgesidelt zreckhalen, da kann én eso' eng kleng Onkammo'dite't schon a Kâf huelen!"

# Nationalerze'onk

Si hun hir Hâptstad „Jerusalem" genannt, dat héscht „Fridensstad". Jerusalem huet net den Eisenhelm um Kapp gedroen we' Athen, wor net ömgirt matt Bastio'nen we' Ro'm; et wor d'Hémecht vum se'sse Fridd.

Dese Charakter huet Jerusalem an den Hymnen, an alles deit drop hin, datt de moderne Patriotissem déselwechte Charakter unhuele wöllt, nämlech de Friddenscharakter.

D'Psalmen sin also' gro'ssarteg Triumf- an Trauergesäng, an dénen d'Se'l vum Juddevollek sech ausgeliewt huet. Et sin ower och poetesch Pro'wen vun engem „iwerdriwene Patriotissem"

E Beweis fanne mer gleich an dem Psalm „In exitu Israël de Aegypto", dem Chant du départ vun de Juden nom e'schten O'schterfest.

D'Juden ze'en aus dem L nd Aegypten, wo' se gefânge woren, aus a betriéden dat hellegt Land, dat hinne versprach gi wor. Eng nei Hémecht dét sech op vrun hiren Aen, eng Hémecht, vun dèr no hirem Glawen Gott selwer de Papp ass; hién huet hinnen se virberéd an iwergin.

Durfir brecht och d'Freihétslidd „In exitu" matt aller Gewalt lass we' e Krésch, an dém e'weg Dankbarkét an immensgro'sse Stolz leit. D'Juden fillen sech vun desem Ableck un als dat auserwiélt Vollek, d'helleg Natio'n, de' Gott önnert sei Protektorat geholl huet.

Net eleng Frédekrésch, mé och Trauergedanken a Verzweiwelong fannen sech an de Psalmen.

Gott, dén sech, wann én eso' soe kann, als gro'sse jüdesche Patriot gewisen huet, dén zur Dispositio'n vu sengem Vollek, a fir sei Rûm an der Welt seng ganz Muecht agesat hat, Gott, den Här vun alle Natio'nen, vun dém d'Judevollek we' e Benjamin verwint go'f, ass matt schwârzem Ondank belo'nt gin.

D'Judeland get senger Missio'n ontrei.

Gott ass also gene'degt ze strôfen an e pâkt dat ondankbart Vollek do un, wo' et am mêschten empfindlech ass. Hién höllt him d'Hémecht ewech, de' hién him gin hât.

D'Jude gin ofgefe'ert an d'Gefângenschaft, fortgeschléft vu Jerusalem an d'Sklaverei. D'Friddensstad get eruewert an ausgeplönnert. Gott erlabt eso'gur, datt sein égent Hélegtom profane'ert get, well e wéss wuel, datt en eso' dat rebellescht Judevollek am beschten tröfft.

Wann d'Juden och vun Zeit zu Zeit hié selwer vergiéssen, ni an nömmer vergiéssen se Jerusalem, an ni an nömmer wat de Glanz vu Jerusalem ausmecht, de Jehowa-Tempel.

Hirt religie'st Gefill erwâcht eso'bal hire Patriotissem verwonnt get. Wor et net op de Ruinen vu Jerusalem, wo' d'Profe'ten, wo' de Jeremias, seng ergreifend Klo ugestömmt huet?

Am Exil hänken d'Juden hir Leier un d'Weidebém vun de friéme Flöss op. Weit fort vun der Hémecht wöllen se net sangen.

An deser Trauer, an dèr Do'desro' leit eng patriotesch Rach.

De Siger huet alles aus dem Judeland mattforigeschléft, en huet d'gölde Gefässer aus dem Tempel gestuel, en ass Här a Mêschter iwer Do'd a Liewen vun engem ganze Vollek, mé seng Gedanken a sein Ideal kann en net bezwangen an ze Grond rîchten.

Det Ideal ass ower eso' nobel an eso' pur, datt de Siger Nabuchodonosor oder Balthasar, d'Kinnecken vu Ninivé a vu Babylon me' dovu wösse wöllen an d'Gefângen driwer ausfroen.

Hir Aentwert voller Trauer, voller Stolz ass enthalen am Psalm: „Super flumin, Babylonis . . .". „Le'wer soll meng Zong", rift den Dichter aus, „mir um Gumm kliéwe bleiwen, we' datt ech dech, Jerusalem, jé vergiéssen. Le'wer soll meng Hand verdrechnen a vum Arem falen, wa meng Le'ft net all an ömmer dir göllt . . ."

D'jüdescht Land entgét wuel net dem Niddergang, ower am Undenken vum Vollek stierwt et ni, Jerusalem, nömme me' en Trömmerhâf, ass dem jüdesche Patriot emso' me' un d'Hierz gewuess.

Am Psalm „Domine, exaudi" trauert den Dichter firte'scht iwer sech selwer, iwer seng Féler, de' schold dru sin, datt hié vu Gott am Stech gelôss go'f.

Ower de Patriot trennt ni sein égent Lo's vun dém vun der Hémecht, an dofir denkt den Dichter vun allem un d'Hémechsstad, u Sion, a biéd Gott, d'Hélegtom erem opzerîchten:

„Tu exsurgens misereberis Sion
Quoniam placuerunt servis tuis lapi-
[des ejus . . ."
„Du erhiéfs dech an erbârmst dech
[iwer Sion,
Well seng Maueren denge Kniécht
[gefall hun . . ."

A wann d'gro'sst Joresfest könnt, wann d'Jude vun allen Himmelsge'genden erbeikommen an no Jerusalem den he'ge Bireg opklammen, d mecht hir Fréd, hire Stolz sech Loft am Psalm: „Laetatus sum . . .", dem Marschlied so'zesoen vun enger Karawann, de' no Jerusalem ze't.

Wivill national Erönnerong a Stolz leit z. B. an dese Versen:

„Stantes erant pedes nostri in atriis
[tuis . . ."

(Get fortgesat.)

# Wien ass e gudde Letzeburger?

Zu desem heiklen Tema vun zarter Dammenhand och e klengen Baustén, dén ze denke get.

Falt elo net all iwert mech hir, a sot, de' Fro wir gur net ze beäntweren.

Ech wéss selwer, datt d'Ménongen heieriwrer ganz weit auserné gin. De' eng son, dat wiren de' bescht, de' ni „dra woren", de' aner mengen et hätt nach me' gro'sse Courage derzo' gehe'ert, dran ze sin, an da seng „Kârt anzeschecken". Si streiden sech driwer, ir dat de' bescht woren, de' hir Jonge verstopt hun, oder op de' arem Jonge besser woren, de' matt do'dtraueregem Hier d'preisesch Uniform ugedun hu, fir datt hier Eltere konnten dohém bleiwen. Huet me' derzo' gehe'ert der Gestapo matt frecher Stir de-Bass ze halen, a sech schloen ze lôssen?, oder wor et och e Steck Courage, wann én op d'Verwaltonge gelaf ass, wann én ganz genöschelt d'Patt an d'Lucht gehuewen huet, a wann och net hârt an deitlech, dann ower trotzdém töschent den Zänn „Heil Hitler" gegrommelt huet, fir datt kén engem sei Geschäft soll zo' man, oder soss eppes ze Léds dun.

A kuck, well mir jo elo net éns gin, wöll ech Iech eng kleng Geschicht erzielen.

Schon am Zug, we' mir ömgesidelt go'wen, hu se sech ganz kleng gehalen, den Här an d'Madam St. vun Hengescht. Si so'tz kleng an zesumme geduckelt an hirem Eckelchen, hien huet er hei an do eng Schmierche wölle réchen, mé si wollt net. All d'Leit hu geschwat a gete'nt, gerost a geflucht, sech iwert d'Preise geirgert, erzielt wat se dohém gelôss hun, a we' se sech dohannen arichte wöllten.

Et huet schon eng Weilche gedauert ir ech wosst we' se hésche ge'wen, a firwat datt se ömgesidelt go'wen. Mir so'tzen Owes am gro'sse Sall zu K., du huet se mir gesot, datt hir Jonge „fort" wiren, si wor ganz schei a gedreckt, a we' se et gesot hat, du wor et er schon Angscht, si hätt zevill gesot, an et könnt é mengen si wöllt sech erfir dun.

Mir si vu K. op N. kom, et ass Summer gin, mir konnten owes op der Bänk virun der Dir sötzen, an dat huet besonnesch onse Leidd vum Land gudd gedon, well dat si e we'neg un dohém erönnert huet.

Mé d'Preise können net gesin, datt én sech e we'neg hémeleg fillt, an si hun ons op Sch. gescheckt. Et wor keng Plâz fir ons, mir woren eso' zesumme gedreckt, datt ömmer de' eng hu misse warden bis de' aner giess haten, a wann ech spe'd hémko'm, da so'tz ons gudd Mimche St. am kâle Stengegank, an si huet geschnaddert vu Kélt, a wann ech se gefrot hun, firwat datt se dann net age'ng, dann huet se gemént, et wir jo eso' änk, an si wöllt net ste'eren. Ech hun de Kapp geröselt an hier gesot, wann si eso' viru me'ch, da ge'w se ons krank, a mir missten dach dé Courage hun, all gesond a lieweg hémzekommen, dann huet se ganz traureg dra gekuckt, a gesot „Äre Man ass jo och krank, hei kann én net gesond gin."

Du ware mir ganz f. ', we' mir eröm op N. ko'men. Iewel mir ko'men net me' an ons sche' propper Scho'l, mir ko'men an eng âl verfalle Fabrik, de Wand huet durch d'Fo'e gepaff, d'halef Zeit ass keng Heizong gâng, an do konnt én och net gesond gin, an hu matt Schrecke festgestallt, datt all Owes, wann ech bei ons gudd Madam St. ko'm, se me' krank a midd ausgesin huet. An et ko'm dén Dag, wo' se am Bett leie bliwen ass, an eso' so'tz ech op engem wackelege Stull bei hir.

D'Elektresch huet net gebrannt, dat hate se ons eröm eng Ke'er ofgespart-well mer ons Kaffi um Kocher gewirmt haten.

D'Kärzen, de' mir ugefângen haten, hu geflackert. D'Loft am Zömmer wor net ze erdroen, d'Madam St. huet geho'scht, hieren arme Kirner huet sech vun enger Seit op de' aner geworf, si konnt sech net opsetze; well d'Better vill ze niddreg woren, hat én dat Gefill, wann én de' hölze Brieder iwert er gesin huet, we' wann se lieweg an enger Do'delued le'g, et huet é geschuddert.

Ech hat hir schmuel Händchen, d'wor nömme me' eng richteg Kannerhändchen, a menger Fauscht, geschwat hu mir allen zwé neischt, hannen am Eck huet eng Rat am Pabeier geramo'ert, dat Ve' konnt émol net me' bis nueds warden, un der drec[illegible]-weissser Mauer ass hin ant widder eng Wanz gekroch, de' ganz Misär vun der Ömsidelong, vun der Verbannong ass iwert é kom, d'war é vun déne Momenter, wo' én un alles an un sech selwer verzweiwelt, et wor der Owender én, wo' ké Stierchen am Himmel blenkt, wo' keng Hoffnong bleiwt.

Zwo' Tre'nen siche sech e Wé töschent de Alichelen, a dröpse lues iwert de' geronschelecht Bâken, de' zesummegepötzt blo Löpse pesperen: „Ech wir iewel eso' gären nach eng Ke'er hém kom." D'Hierz zitt sech mir zesummen, wat soll ech äntwern?

Do rifft vis-àvis vum Dösch eriwer eng jong Frächen, de' nach net vill Misär gesin huet „O Mamm, wo' konnten är Jongen Iech iewel och dat un dun, dat hätten se sech iwerlée können."

D'Madam St. licht sech e we'neg op, si wöscht sech mam Reck vun der Hand d'Tre'ne vun de Bâken a sét: „Ech hu mech jo nach ni beklot, meng Jongen hun als gudd Letzeburger dat gemâch, wat hirt Härz hinne gesot huet, a mir Eltere mussen onst Lo's droen o'ni ze kno'teren, an dat mâche mir jo och, oder net?"

De' jong Madämche kritt e ro'de Kapp, a streckt un hirer Strömp virun. D'sét ké me' eppes.

A wann ech elo nach eng Ke'er fron: „Wien ass e gudde Letzeburger?" Gält da könnt der [illegible]n!

# „Die, die im Ausland waren - -"

Zu desem Artikel schreiwt onse Correspondent dat hei:

„Fierweg gesot hét dach bestömmt den Autor lânscht d'Thema, wann hien aus zimlech durchsichtege Grönn haptsächlech op enger vager Basis polémise'ere wöllt. Onsen jongen Refractairen a Frankreich, de' bestömmt é ganz schwe'eren Tour de France hannerun sech hun, huet d'Unio'n gewöss ké Reproche ze mâchen. Et wor och net eso' oder fir de' gemengt. Verdächteg ass et ower bestömmt, dat gewösse Krésser op émol hei Intresse un dese Jongen beweisen, wo' se z. B. a Frankreich besser ubruecht gewiescht wären. Des echt letzeburgesch Elite ass och bestömmt net un d'Escher Tageblatt erugetratt fir sech iwer d'Haltong vun der Unio'n ze beschwe'eren, well si wössen ganz gudd wien se' am beschten vertrött.

An engem vun déne Sklavenlageren zu La Valbonne, wo' vill onser Jongen passe'ert sin, kum enges Dags z. B. ganz he'gen Besuch per Auto un. Dobei wor och eng ganz he'g Perse'nlechkét matt engem decken Cigare am Bâk, dén am Tageblatt gudd könneg ass. U ganz sche'ne Wierder a besonnesch Verspriechen hun de' deck Hären et net féle gelôss: „Jongen, hâlt nach e bösschen aus. Mir sichen iech Plâzen an der Oemge'gend vu Mâcon bei Baueren a. e. w."

Et ass beim Verspriechen bliwen. Ké Mönsch huet sech duerno me' gewisen. We' déprime'ert ons Jongen woren, direkt vun den e'schten an he'gen Letzeburger an der Friemd am Plang gelôss ze gin, kann én sech virstellen. Op hi. ége Faus . hun se duerno sech no enger Plâz ömgesin, wo' hinnen Franzo'sen a besonnesch Elsässer matt falschen Pabeire gehollef hun. Mériten duerfen sech also' des „Hären" heimatt keng zo'scho'steren. Stodenten sin op Interventio'nen vun engem letzeburger Géschtlechen aus Lageren erausgeholl gin, fir op den Universite'ten virun ze stude'ren, de' aner ower woren fir si nömme quantité négligeable. — D'Behâptong iwer d'VdB. z. B. a Frankreich ass direkt falsch an hällt ké Vergleich matt Letzeburg aus. E'schtens bestong do eng gre'sser Ausweichme'glechkét, an zwétens, wann et eso' gewiescht wär, we' am Tageblatt behâpt get, wär et desen Hären och net me'glech gewiescht per Auto ze promene'eren.

D'Allusio'n ob de Generol de Gaulle fällt vun de Bén; des Hären wöllen dach secher net mat him verglach gin. Fir ons ass de Generol de Gaulle de Kapp vun der franze'scher Resistenz an dobei e ganz gro'ssen Staatsman. Hien huet och als Chef vu London aus d'intern Resistenz a Frankreich unerkannt an se ganz stârk zur Bedélejong un der Regirong erugezun. Firun allem wosst hien den Enthousiassem ze schafen an dén och fir d'Reconstructio'n vun sengem Land ze profite'eren, wat mir an onsem Land net grad behâpten können.

A. R.

# Et hêscht keng Ko' Blimchen' wann se keng Strimchen.

Novell vum W. D

(Nodrock verbueden)

V

Dén E'schten, dén d'Sprôch erönnfont, dat ass de Gierch: „Ech gléwen dass du vun dohém gewinnt bass, dech em eso' Händel ze kömmeren, dofir ass et der och ze verzeien, ower hei um Haff ass et Brauchtem datt d'Männer sech em de Verkaf vum Ve' kömmeren."

De Papp huet et bekuckt ewe' en Haffhond de Möschegulchen dén eso' vermessen sech op seng Schossel mam Friéssen gesat an dra gepickt huet we' wann hié wöllt soen: „Nu kuck emol é Mönsch." Hémlech huet hién ower geschmunzt datt de Gierch dé Frechhänzen op seng Plaz gesat. A sollt et dat vleicht vergiéssen a sech eng Ke'er önnerstoen, da krit et emol matt him selwer ze dongen.

D'Mamm bekuckt emol d'Ro'seli an durno d'Mansleit ewe' wann si en Donnerwiéder erward a fro' wär, datt et eso' gelönd erofgângen, du sét se zum Ro'seli: „Hei wir si gewinnt gewiéscht hir Männer mam Verkaf vum Ve' gewärden ze lôssen, si hätt sech nömmen em d'Eer, de Botter, d'Möllech an d'Uebst gekömmert. Eso' hättként dat anert gehönnert ewell am Handel héscht et sech net lâng gestridden a wann et Zeit ass zo'gesot soss ass et ze spe't. An eso' wären si och ömmer gudd gefuer a si könnten et och dobei lôssen."

Durop baubst d'Ro'seli erem: „De Gierch hätt him dach fest versprach wann et eppes hätt wat him net gefe'l, da sollt hatt et son datt é könnt iwerléen op et net besser ze mâche wär, ower op de' Äntwert, de' si him ge'f, gese'g et schon datt se d'Fra hei nömmen he'len fir fönneft Rad am Won."

De Papp kuckt emol op ower lânscht d'Ro'seli, stecht sech matt der Forschett e Maufel more Speck töschent d'Zänn a muelt dén no allen No'ten fir him net breichen op de' vermesse Riéd ze äntwerten.

O'ni datt e Wurt weider driwer gefall go'f fèrdeg giéss, sech de Mond ofgebotzt a jidderé gong erem senger Arbecht no ewe' wann neischt geschitt wär.

Dat Gespre'ch hat d'Ro'seli net e we'neg gefoxt. Datt seng Ménong glat net geuecht an datt et ugekuckt go'f ewe' e klengt Kand, dat kann et net verkuessen an 't vergösst him och gewöss net.

Um Bo'nenhaff wor et och Brauchtem, datt kén de Portmonni, an de Gierch, d'Mamm an de Papp de Schlössel vum Schaf hat. Huet é Sue gebraucht, dann huet hién an d'Täsch gestach wat en ne'deg hat, o'ni vill doriwer ze schwätzen. De Papp huet all sei Liéwen drop gehalen datt d'Kanner matt der Zeit de Wèrt vum Geld gele' ert hu kennen an domatt ömzegoen, fir mam Geld keng Dommhéten ze mâchen. „D'Kanner sollen e Verdengscht drun hun wann se fleisseg a spuersam sin an net dozo" gezwongen", huet de Papp ömmer gesot. „Gezwongenhét ass Gott léd". Domatt huet hién et och errécht, datt seng Kanner op égene Fe'ss sto'ngen an niéwent den Elteren durch d'Liéwe gin ewe' wann se hir Frönn wären, dénen se neischt verhémlechen.

E gudden Dag gét de Gierch mam Ro'seli op eng Kirmes. E mecht sech, we' hié gewinnt wor, Geld an de Portmoni a lét en op den Dësch fir sech ferdeg ze mâchen. Du dreiwt de Virwötz d'Ro'seli emol an de Portmoni ze kucken: „Mei Gott, Gierch, a wat mechs du matt dém sölleche Geld an der Täsch fir op eng Kirmes ze gon? Bass du da gedéft? Du stechs jo de Schaf an d'Täsch."

„A wat huet eso' eng Kre'schel sech doröm ze kömmeren wat e Mann sech fir Suen an d'Täsch stecht?", baubst de Papp op emol dur.

De Gierch lâcht, a sét: „Ech gliéwe gèren datt d'Ro'seli verwonnert ass. Et wéss ower net datt ech scho lâng op der Kirmes en Handel an der Nues hun, wo' ech vill Geld an der Hand muss hun a mam bore Su mecht én de' beschten Händel, dat wéss d'Ro'seli nach net."

„Dat war um Brameschhaff ké Brauch, datt de Papp eso' vill Geld an d'Täsch krut, vu menger Mamm krut mei Papp se durgeziélt, matt eso' vill Gled an der Täsch ge'f dé jo net me' enichter."

„Hei um Bo'nenhaff sin d'Männer och keng Sto'ssneckelen ewe' um Brameschhaff," sét de Papp stronzeg.

Dat hat beim Ro'seli ageschloen ewe' e Blötz an e Fudder'Hé an 't stét gleich an helle Flamen: „Wann de' Art a Weis vum Brameschhaff iéch net konvene'ert, dann hätt der mech solle lôsse wo' ech gudd war, an ech mengen ons Familjen breicht èrer nach net aus der Wé ze goen."

Vun dém Dag u weist hatt sei Käppchen, ewell 't huet sech an de Kapp gesat matt Motzen an Trotzen et drop ukommen ze lôssen, ob et eppes hei ze soe kritt oder net, an et le'sst et drop ukommen, Be'en oder Briéchen. We' d'Sâch nun émol bis an d'Rulle ko'm, do kre'en si hei emol gewisen wat eng Fra fir e Wèrt huet. Um Bo'nenhaff wossten se matt eso' engem Motz an Trotzkiwel net vill unzefenken. Eso' eppes sto'ng glad net an hirem Dictionnaire. Ma we' si gewinnt, alles matt vill Verstéss-de-mech unzepaken, eso' récken si och dém Motzen an Trotzen op de Pelz a sichen dén Onfridden am Stod ze méschteren.

D'Mamm iwerhöllt sech de' Charge, dem Ro'seli emol op den Zant ze fillen wat hatt eigentlech domatt wöllt erréchen: „Et sollt dach verstänneg sin an d'Liéwen um Haff net zo' enger Hèll mâchen. Wochelâng lanschtenén ze goen ewe' d'Stachessen an sech emol keng Zeit ze gebidden fir neischt a widderneischt. Wat si him dann eigentlech zu Léds gedoen?"

(Get fortgesat.)

## Matt Fale le'ren d'Kanner goen

Fir ze verhönneren, dass dat nach émol virkönt wat am Krich geschit ass, verlangt

**d'Juegd-Unio'n**

dass nömmen honnertprozenteg Letzeburger, de' durch hir Ofstamong Letzeburger sin, a sech och an der preisescher Occupatio'nszeit als gudd Letzeburger beholl hun, eng Juegd an e Permis kre'e können.

De'jéneg letzeburger Je'er, de' heimatt averstane sin sollen hirt Averständnes matt enger Beiträttserklärong, an all weider Enzelhéten, Experienzen, Ukloen, Reklamatio'nen un d'Redaktio'n ascheken matt dem Vermirk op der Enveloppe

**No 5 / Juegd-Unio'n Letzeburg**

• All Mattdélongen gi streng vertraulech behandelt •

D'Schreinerei
**Reisdorfer**
KAYL, Te'tengerstrôss
mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

Fir eng gudd Partie Kârt
An e gudden Humpen
Gi mir an de Café Adams
Jetzeg Adress
**„Café des Bons Amis"**
Beggenerstrôss 195

Ech délen der Awunnerschaft vun De'fferdang an Oemge'gend fröndl. matt, datt ech meng
**EPICERIE-FINE**
de' am Krich vun de Preisen zo'gemâch war gin, e Samschdeg, de 16. Dezember eröm opmâchen.
Gleichzeiteg sichen ech e Médche fir alles an e brave Lafjong. Interessente si gebiéden sech an der Escherstrôss No 53 De'fferdang virzestellen.
Öm geneigten Zo'sproch biéd
Epicerie Fine
**Nic. Klein**
Escherstrôss 53, DE'FFERDANG

**Pierre Maroldt & Cie**
LETZEBURG
Fuddermöttel, Frûcht,
Chemesch Dünger
Iess- a Setzgromperen
—— KUELEN ——
Eis Büroen a Lageren sin erem:
50-53, Leschte Steiwer (Dernier Sol)
Tel. 68-60 a 56-43.

Am
**Café Baur-Feller**
um Lamperbirg. Pasteurstross 6
mécht en eng gudd Parti Kélen a kritt en e gudden Humpen.

En Donneschdeg, den 21. 12. 44 um halwer drei Auer, Zesummekonft vun all an der Unio'n organise'erte

**Le'erinnen a Scho'lméschteren**

aus dem Distrikt 3 (Kanton Esch a Capellen) am Café Nicolay zu Esch/Uelzecht. De pro. Comité.

# AUS DER »UNIO'N«

**Parlament.** — De' Commissio'nen, de' d'Chamber agesat huet, hun en Dönschdeg, den 12. Dezember 1944 eng Sötzong gehal. De' Commissio'n fir d'Disciplinarverfuren huet beschloss d'Dossiéen ofzewarden, de' hir sollen zo'gestallt gin.

De' Commissio'n, de' iwer d'Consultative ze beroden hat, huet de prakteschen a Rechtsstandponkt diskute'ert a könt iwer 8 Dég eröm zesummen fir ze beschle'ssen.

D'Arbechs-Commissio'n huet beschloss, de nèxten Dönschdeg eröm zesummenzekommen.

**Mattgedélt.**

E Me'ndeg, den 11. Dezember em zeng Auer wor eng Sötzong vum Commissariat de Rapatriement töscht allen Delege'erten fir d'Zesummenarbecht ze beschwätzen betr. d'Hémfe'eren vun den Evakue'erten. Beigewunt hun de' Delege'ert vun der letzeb. Militärmissi'on, vum Transport- an Ackerbauminister, vun der Eisebunn, vum Ravitaillement, vun der Genda-merie, vum Bezirksingenieur, vum Distriktskommissär Gre'vemacher, vum Rapatriement an och vun der Unio'n.

Et go'f festgestallt, datt d'Erlabnes fir d'Hémfe'eren eleng vum Generol ofhänkt, dén an desem Frontsektor de Kommando huet. Eso'bal also de' me'glech ass, wärten all de' Kommissio'nen schon höllefen, datt alles klappt.

**De Rapatriement.**

**All dénen, de' sech als member gemellt hun, gudd al frönn an och neier, déle mer matt, datt hir demand der respektiver sektio'n vun der Unio'n iwerwise gin ass. Mer denken, datt fir neijorschdag jidferé seng memberkart an den hänn kann hun.**

**All sektio'nen erönnere mer nach engke'er un hir leschten an ofrechnongen, et brennt!**

**Eng e'rerettong fir e corps, an dem mer vill frenn haten an nach haut hun**

Et wor glat net eso' gemént a bal net derwért ophiewes ze man vun engem wurtspill. Mer hun am krich och ganz vill gudd gendarme kant, de' matt a fir ons geschafft hun an de' mer leider och haut breichten. Dat wölt erem net héschen, att mer net och nach haut vill gudder kennen, eso'gur bei ons — an de' wössen och gené we' et gemengt wor. — Et stömmt schon wann én net zevill hasteg soll sin am Urtel, ma geldirt, dem jonktem, dém seng jugend a seng gesond glidder a sein avenir vleicht an dem onendleche Misär henke gelôss huet, dém muss én alt durch d'fangere kucken, wann en am krich me' hart go'f we' mir ons e gezillt haten. Mein ass och aus villme' hardem holz, we' ech selwer, an ech gi mer alt me' en ze verstoen, och wann et schwe'er fällt. Nach engke'er, neischt fir ongudd, ech hätt wuel e'schter wâsser an de wein därfen dohn.

M. H.

**Eng nei Zeidong iwer eist sozialt a wirtschaftlecht Liéwen.**

Elo grad ass de' e'scht Nummer vum „Echo de l'Industrie" erauskomm. Et ass d'Zeidong vum Verband vun de letzeburger Industriellen a könnt am 22. Jorgank eraus. An der e'schter Nummer fanne mer ausser engem Noruff fir den Här Emil Etienne, Direkter vum Industrielleverband, Artikelen iwer de' Froen hei: Preisfro, Feierversecherong, d'Versuergong vum Land matt Liéwesmöttel an Industrieprodukten, Devisekontroll, d'Lo'nfro am Bauwiésen, de letzeburger Frang, d'Wirtschaft an d'Sozialentweckelong am Ausland a e. w.

Et ass gudd, datt de' Froen emol vu Fachleit önnert d'Lup geholl a vun alle Seiten önnersicht gin. Den „Echo" ass gudd dokumente'ert an e verdengt et, net nömmen vun de Memberen a Geschäftsleit, mé och vun all dénen anere Stänn, de' um wirtschaftlechen a soziale Liéwen vum Land interesse'ert sin, geliés ze gin.

All Nummer kascht 2 Frang an ass an allen Zeidongs- a Bicherbutiker ze kafen.

Mattgedélt.

**No Sennengerbirg.** — Et huet wirklech kén Zweck, den Artikel an dèr Form ze brengen. Domatt get et net besser. — Mat dach eng plainte un de Parquet matt de präzise Fäen an de Nimm. Oennerschreift a scheckt se un ons, mir Jéde se weider a surgen dann och datt d'Sâch net leie bleiwt.

All derarteg Zo'schröften musse grad eso' behandelt gin.

**No Béteburg.** — Ons Sprôch am Gebiéd. — Lôsst mer dach net all Diskussio'nen an der Zeidong uschneiden, wo' alles um gudde Wé ass.

Et ass net ere'scht elo ugeregt gin, letzeburgesch ze prédegen an ze biéden, ma scho vrun zwanzeg Joer, we' nach vill Leit net dru gegléwt hun, datt och dat me'glech wir. Du schon ass dat vun dichtege Leit probe'ert gin, ma den Zeitgéscht wor leider anescht, an et ass op dém Gebidd aus Grönn, de' me' complize'ert sin, och haut nach net alles z'erréchen.

Wuefir ge'f da grad e Religio'nsprofesser eso' drop halen, sei cours op deitsch ze gin, matt der Bemirkong, d'Letzeburgescht wir keng Sprôch, wo' all aner Hären hire cours op letzeburgesch könne gin. Et mussen also me' wichteg Grönn do sin an de' wärte mer jo och gewuer gin. Ech kann ént versecheren, ech hun op verschidde Plazen op letzeburgesch priédegen he'eren, op eng Art a Weis a matt Ausdrocksmöttelen, datt ech mech verwonnert gefrot hun, wuefir et net e'schter zu dem sche'ne Gest ko'm.

Eiser Hèrgott lauschtert dach secher engem Letzeburger e'schter no wann e rifft: „Här, kanns de mer höllefen", we' wann e so'ert: „Herr, erhöre mich!", an e letzeburger Lidd gét vill me' zu Hierz zo' Letzeburg a greift d'Se'l me' de'f un we' en deitscht, och an der Kirch a vrum Elter.

A wann énzelner sech zevill drop versteipen un hirem Deitsch festzehalen, da könnt et och hinnen en Dag gesche'en, datt se de' hallef Stonn vrun eidle Bänken ge'we schwätzen.

Am iwregen beto'nen ech op en neits: ech sin iwerzégt, datt de' zo'stänneg Plaz, de' hei de Bistom ass, a wo' un der Spötzt e Mann stét, dén durch an durch Letzeburger ass, och hei dat richtegt fönt.

Lôsst mer also och do nach Gedold hun, Ro'm ass och net an engem Dag gebaut gin.

**No Duelem.** — Mer können an dèr Form Eren Artikel net brengen. Wann Der an d'Stad kommt brengt ons all Oennerlage matt, da gi mer se un de' zo'stanneg Plaz weider a mir erréche vill me' domatt.

**Schöffleng.** — An onser Uertschaft si schon verschiddentlech — ömmer nuets — Hâkekreizer matt Goudron un eng Rei vun Heiser gemolt gin. Mir machen d'Awunner vu Schöffleng drop opmierksam, dass dat Geschmiers net vun ons ausgét, an dass mir keng Verantwortung iwerhuelen fir dat, wat énzel Leid önnerhuelen, de' d'Daglîcht scheien, an de' ze feig sin, fir fir dat anzestoen, wat si mâchen. Wa mir eng Aktio'n durchfe'ere wöllen, da si mir och sq' king, an d'Oeffentlechkét ze triéden, well de' Zeiten, wo' mir ons hu verstoppe mussen, sin eriwer. We' gesot: Fir d'Léschtongen vun e puer Schwarzarbechter könne mir kengem Riéd an Aentwert stoen.

**Zolwer.** — E Sonndeg, den 10. Dezember hat d'Musek vun Zolwer önnert der Direktio'n vum Jean Schmit e gro'sse Concert gin zu Biéles, dén als Austauschconcert geduecht ass Den Erle's wor fir d'Unio'n zugonschten vun den Ömgesiedelten a K. Z.-Lâgeren. De' Gedanken vun dénen Concèren ass nömmen ze luewen an dénen âneren Gesellschaften wärmstens ze empfiélen!

**Pe'teng.** — D'Unio'n vu Pe'teng hât den drötten Dezember 1944 am Turnsall vun der neier Scho'l em 3.30 Auer Nomöttes hir e'scht gro'ss Versammlong. Si war gudd besicht an ass och sche' verlaf. D'Programmriéd huet den Hary Reiter gehal. Den Hary ass dèr é vun der aler Gard, de' scho bal ausgestuerwen ass, sech ower ni göt.

**De'fferdang. — De Verein „Theaterfrönn De'fferdang" beschtbekannt durch seng populär Opfe'erongen a seng Revüen an dé vun de Preisen opgele'st war gin, hölt seng Tätegkét eröm op. Dammen an Hèren, besonnesch eso'er de' gesanglech op der He'cht sin an dem Verein actif beitriéde wöllen, si gebiéden, sech bei den Hären J. P. Pletschette, Moartplaz (Haus Ach. Thiry), an Eug. Bernard (Unio'n, Freihétsstrôss No 8) fröndlechst mellen ze wöllen.**

**D'Theaterfrönn gin der Iwerzégong Ausdrock, datt d'Vollekskonscht an Zo'konft eng gre'sser Oennerstötzong fönd, an si wèrten net verféien, sech bei passender Geléenhét dem De'fferdanger Publikum an enger sche'nerer Opmâchong virzestellen.**

**Theaterfrönn De'fferdang.**

**No Menster, Munref a. e. w.** — Mer hun Er Artikele krit, önnersichen de' Fäll a gin se un de' zo'stänneg Plaz weider, matt onsem avis. Domatt get bestömmt me' errécht, we' durch eng verfre't Schléf an ons Unio'n, dovu sid iwerzégt a sollt et net de Fall sin, da mâche mer Damp derhanner. Mir wöllen ower nach Gedold hu bis zum Januar.

**„Eng E'relöscht" an „D'Gerechtegkét bestét net o'ni Verstésdemech a Guddhét".** — Merci fir de' zwé Artikelen — awer mengt Der wirklech, all de' Leit he'len drop eso' gelueft ze gin?

E Saz huet mer am beschte gefall: „Mâcht dach öm Gotteswöllen kén Ophiéwes domatt. Jonge verstoppen mecht é net aus „Patriotissem" ma well én e Mönsch ass.

Am iwregen, „Verstésdemech" a „Guddhét" sin zwé sche' Wirder, grad ewe' all Getuts iwer „Demokratie", a jidferé blame'ert sech eso' gudd e kann.

**D'Juegd soll a muss aus dese Grönn zo' bleiwen:**

1. Et ass kén Ament fir s'opzeman we'nt der algemenger Lag, den onsecheren Zo'stänn a Verhältnesser.
2. Ons ömgesidelt Jéer an de'je'neg de' verschléft gi sin, mussen och nach mattschwätzen.
3. De' al Juegdkontrakten, de' d'Preisen annulle'ert hun mussen erem a Krâft triéden a revide'ert gin. De fre'ere Piéchter muss entschiédegt gin.
4. Eng Seiberongsaktio'n önner déne Jéer, de' am Krich op d'Juegd gânge sin muss durchgefe'ert gin. Eng Juegd an e Permis durf nömmen dé kre'en, dén honnertprozentege Letzeburger ass, an dén sech an der Occupatio'n als gudde Letzeburger beholl huet.
5. Fir ze verhönneren, datt erem de'selwecht op d'Juegd gin, de' am Krich drop gânge sin. Bekanntlech hun de'je'neg Jéer, de' am Krich ké Permis haten hir Juegdflönten ofliwere mussen. De' am Krich bei de Preisen net op d'Juegd gânge sin, durfen önner kengen Oemstänn geschiédegt gin, well et gudd Letzeburger woren.
6. Eng nei Formatio'n, de' d'Intresse vun der Juegd an de Permien an d'Hand hölt, muss önner déne Jéer gebildt gin, de' de Numm gudd Letzeburger verdengen an de berét sin d'Reorganisatio'n vun onse letzeburger Juegden an d'Hand ze huelen.

**Aus der Evakuatio'n Letzeburg.**

Dir schwätzt vum gudde Letzeburger, mé dann helleft elo eisen evakue'erte Leit an eisem Ve', dat onbedengt muss erhale bleiwen. Et ass e Wèrt, dé fir eist Land an d'Ernirong vum letzeburger Vollek net därf verlur goen. Dat ass net ze vergleichen mam Pxttche Wein. Op dé konnt é verzichten, o'ni Schued ze leiden. Wann é bei Iech als Friémen hamstere komm ass, dann huet én och ké Pond Botter kritt, well der ében kén hât oder well der huet missten ofliweren. An eso' we'neg we' Dir vum ofgeliwerte Wein gesin huet, so' we'neg huet é jo och vun all dénen anere Produkten gesin, de' de Bauer huet missen ofliweren, a fir d'Land weit ausgerécht hxtten. 'T ass alles é Wé gang.

Net ze vergiéssen sin de' Misler, de' me' we' é Pättche Wein ge'nt Liéwesmöttel ömgetosch hun fir d'Jongen, de' se bei sech verstoppt haten, matterdurch ze huelen.

Et soll én net verallgemengeren, an et héscht elo, als gudde Letzeburger all dat Klenglecht op der Seit lôssen an e gro'sst an offent Hiérz weisen ge'nt de' Mattbirger, de' eso'vill, wann net alles verlur hun.

**Eng Mislesch.**

*

Vun dénen zwo' Stömme vun der Musel op de' vum Baurendurf brenge mer nömmen dén é Saz aus der e'schter: „Et wore Gudder a Schlechter bei den Engen an den Aneren", an dann de Bre'f vun der Mislesch, well é vun den Dammen e'schter eppes ofhölt.

Mösstänn solle we' gesot matt Nimm a Froe beluegt gin; am iwregen solle mer all Klenglecht op der Seit lôssen a matt offenem Hèrz a gudde Wöllen höllefen!

Domatt siéf de' Affxr beigeluegt.

D'Redaktio'n.

# Eis Gerichter

Et ass de' lescht Zeit vill iwert eis Gerîchter discute'ert a geschriwe gin. D'Leit hun sech driwer opgehalen, datt et net se'er genug matt den Ofurtelonge ge'ng oder datt durch den neien arrêté vum 6. November 1944 de' letzeburgesch Collaborateuren ze vill gudd ewegke'men. Zu dese Froen ass schon an enger Ried vum Här Procureur Als Stellong geholl gin. Eise Standponkt an deser Ugele'enhét ass jo bekannt. Mir halen ewer drop, fir alle Messverständnessen d'Spetz ze briechen, dé folgenden Artikel vun engem Mattarbechter eise Lieser zur Kenntnes ze brengen.

D'Redactio'n.

**We' war d'Situatio'n vun eise Gerîchter den 10. 9. 1944?**

Nodém d'Preisen eist Land iwerfall haten, huet d'Zivilverwaltung önnert dem Gustav Simon schon e puer Me'nt derno ugefângen, all eis Verwaltongen no deitschem Muster „iwerzeléden". Eng ganz Arme' preisesch Beamten wor matt deser Missio'n charge'ert an hun se och gewössenhaft durchgefe'ert. Wat matt alle Verwaltongen geschitt ass, ass selbstverständlech och matt onsem Gerîchtsapparat geschitt, dat héscht, en huet als letzeburgesch Verwaltong opgehe'ert ze bestoen.

Fir d'allere'scht ass d'franze'sch Sprôch verbuede gin. Durfir guef de' deitsch agefe'ert. Derno ass dun eng Verurdnong no der aner erauskomm, bis schliesslech, et wor den 1. 4. 1942 d'letzeburger Recht praktesch net me' bestan huet. Et woren zwar nach letzeburgesch Rîchter a Beamten op de Gerîchter beschäftegt, ma se sin fir neischt gefrot gin an haten énzeg an elegen d'Uerderen vum „Kommissar für Justizverwaltung" auszefe'eren. Am Laf vun déne ve'er Jor ass dann eist ganz Gerîchtswiesen eso' durcherné geworf gin, datt et no'tgedrongen zu dém Resultat huet misse fe'eren, dat mir den 10. 9. 1944 virfont hun, nämlech: e komplett désorganise'erten Apparat, o'ni den ne'dege Personnel, o'ni de' ne'deg Magistratsperso'nen, o'ni letzeburgesch Önnerlagen an eso' virun. An engem Wurt: Et wor eng bewosst durchgefe'ert „organise'ert Désorganisatio'n".

Et huet sech du och gleich erausgestallt, datt de Virkrichspersonnel net am gere'ngsten dèr Onmass vun Arbecht gewuess konnt sin, de' direkt an den e'schten Dége virlo'g. Matt Honnerten sin d'Prisonne'er ageliwert gin, d'Arbecht huet sech dem normale Betrieb ge'ntiwer verzwanzegfacht, án de Bestand vu gescho'lte Kräften hat am Krich net zo'- mé ofgeholl. Dat ass d'Situatio'n, de' hei am Land virleit.

**A we 'ass et am Ausland, a Frankreich, a Belgien?**

A Belgien an a Frankreich go'f et keng Zivilverwaltung. D'Preisen haten zwar kurz virun hirem Reckzug aus der Belsch versicht, och dô eng Zivilverwaltung anzefe'eren. E rpaktescht Resultat wor ower dobei net erauskom. Well et keng Zivilverwaltung go'f, wor eng Iwerlédong vun de Staatsapparaten an dese Länner och net no'twendeg. Dat hat zur Folleg, datt ausser de Militärgerîchter vun de Preisen, de' normal belsch a franze'sch Gerîchter virubestân hun bis zu desem Dag.

Et wor durfir net schwe'er an dese Länner, direkt nom Amarsch vun den allie'erten Truppen d'Collaborateuren de Gerîchter z'iwergin, de' hirerseits gleich matt de Prozesser ge'nt d'Verre'der ufänke konnten. Eso' ass et ze erklären, datt a be'de Länner schon haut eng gudd Zuel vu Collaborateuren gerîcht an och higerîcht konnte gin. Dat wor bis haut bei eis net me'glech. Engerseits huet, we' gesot, ké letzeburgescht Gerîcht den 10. 9. 1944 bestan, anererseits hun de' Masseverhaftongen, de' matenén agesat hun, et onme'glech gemâch, dem Gerîcht de' ne'deg Önnerlagen fir d'Prozesser ze vermettelen. Et huet dofir eng Gerîchtsvakanz missen agesat gin, de' bis den 1. Januar1945 léft. Et ass unzehuelen, datt bis zu desem Dag de Gerîchtsapparat nammel eso' weit hirgestallt ass an iwert dé no'twennege Personnel verfügt, eso' datt de' e'scht Affairen virgeholl kenne gin.

**Wat ass duerfir bis haut ennerholl gin?**

Duerch Spezialarrêtéen sin eng Partie Rîchteren, Önnersuchongsrîchter a Substituten genannt gin. Et sin der ower nach lang net genug. De Stand vum 10. Mé 1940 ass knapps errécht. Duerfir huet ower d'Arbecht, we' gesot, sech verzwanzegfacht. Et mussen eben nach ep uer Rîchter, Önnersuchongsrîchter an Substitute genannt gin. An dat ass och alt net ze schwe'er. De' Leit, de' sech fir des Posten égnen, sin de Moment do, wann och op enger falscher Plaz. Ech denken hei u Verwaltongen we' z. B. de service du ravitaillement, du rapatriement, des dommages de guerre an eso' weider. Do setzen Magistratsperso'nen, de' qualifize'ert sin, fir de Beruff als Rîchter ze versin. Op dèr Plaz, wo' se momentan setzen, können se ganz gudd durch aner Beamten ersat gin. Op des Mane'er könnte vleicht eng hallef Dose Leit fir d'Gerîcht frei gemâch gin. Dat wir vill an deser Zeit.

Och de Personnel könnt verstärkt gin. Entweder durch Neiastellongen, oder wann dat dem Staat ze deier ge'f, duerch provisoresch Beansprochung vu Beamten, de' dese Moment a Verwaltonge setzen, wo' gur neischt oder net vill ze din ass, well de normale Verke'er nach ömmer brôch leit. Jiddefalls ge'ng des Solutio'n net we'neg derzo' beidroen, én Apparat, dén an normalen Zeiten och désorganise'ert gewiescht wär, an deser Revolutio'nszeit iwert de Bierg ze brengen.

Bis dohin iwert d'Gerîchter am allgemengen.

**Nun e puer Wurt iwert den Arrêté vum 6. 11. 194.**

Den arrêté vum 6. 11. 1944 ass durfir geschaf gin, fir de' schwe'er Fäll vun déne lîchten streng ausenénhalen ze können, speziell wat d'Ofurtelong ubelângt. Et get kaum zwé Fäll önnert déne politesche Sâchen, de' gené én ewe' dén aneren ze behandele wiren. So'zesoen all Fall leit anescht, op et sech em e schwe'eren oder lîchten handelt. Durfir muss d'Gerîcht de' ne'deg Texten hun, fir approprie'ert Strofen uwennen ze können. Des Texter sin délweis durch den arrêté vum 6. 11. 1944 geschaf gin.

Dén arrêté bedeit also net, datt durch hie Krichsverbriecher, de' sech grave Sâchen zu Schölle komme lôss hun, gudd oder besser eweg ke'men. Dat ass net de Sönn. Et kann erwart gin, datt de'je'neg schwe'er bestroft gin, an zwar o'ni Zo'böllegong vu me' möllen Ömstänn. Dat ass eso' gur me' ewe' secher, well eis Jusiz muss dem Misär an dem Léd vun der Populatio'n, also der gro'sser Mass, an déne ve'er vergângene Jore voll a ganz Rechnong droen. Et get ower durniewt och Fäll, de' zwar net ganz ze entschöllege sin, de' ower trotzdem net matt déne Strofen, de' o'ni dén neien arrêté hätte missen applize'ert gin, ze bestrofe wiren. Fäll hei eraus ze greifen, ge'ng ze weit fe'eren. Dat musse mir schon de Gerîchter selwer iwerlôssen. Eng weider Garantie, datt dén arrêté nömmen a wirklech lîchte Fäll seng ganz irkong kritt, ass d'Erunze'ong vu Laierîchter, de' aus der Resistenzbewegong ervirgâng sin. Mir därfen also fir de Moment net virgreifen a könne matt aller Ro' dén e'schten Urtelen entge'nt gesin.

D'Vollek erwârt eng prompt a gerecht Bestrofong. Dat ass och net me' we' richteg. ell önnert de Preisen ass och ké matt Hänschen ugepakt gin. Mir wöllen nun ower net de preisesche Systém hei viru fe'eren; hirer Bestrofong entgin eis Collaborateuren net. Mir wöllen ower och herno net de Reproche gemâch kre'en, bei eis ge'f d'Recht grad eso' we'neg gällen we' bei de Preisen. Durfir musse mir versichen, op legalem Wé eng streng, mé gerecht Justi zdurchzefe'eren, wat ower o'ni de' ne'deg Gesetzestexter net me'glech wir.

.....d.

## Preisschreiwen

D'UNIO'N setzt e Preis aus vu je

**500 Frang**

fir dat bescht Gedicht an de' bescht Novell a letzeburger Sprôch.

Si sin anzeschecken bis zum 20. Dezember spe'tstens. — De Jury bestôt aus dem Redaktio'nscomité. — Sein Entschéd gött virof och anere Fachleit önnerbrêd, an herno publize'ert. — Mam Vermirk „Preisschreiwe G oder N" w. e. g. un d'Redaktion.

**Hausfrâen!**

Verlângt bei èrem Epicier de Weinesseg vun der

**Vinaigrerie nationale**

matt der ro'd-weiss-bloer Etiquette

**R. Munhowen & Cie** Letzeburg

## ? V3 a V4 ?

**Onsen Zechner „SCHARM" huet eng flott Karikatur iwert dé Sujet gemacht. Dir kritt se a Form vu Postkarten am Buchhandel, och an der Expeditio'n vun der Unio'n zum Preis vun 30 Sou d'Steck ze kafen.**

## VERSCHIDDENES

**Ze verkafen**

**3 nei Schlofzömmer** (Enhétsmiwel): Kléderschaft, Duebelbett, Komo'd (o'ni Spigel) an 2 Nuetsdöscher.

Nofroen an der Expeditio'n vun der „Unio'n", Eck Philipps- an Enneschtgâss.

**D'Miwelschreinerei Jang Tompers a Jong** vu Pèrel délt matt, datt se keng Bestellongen me' vru Krichsenn unhuele kann.

**Ass eppes? — Ma gewöss ass eppes!** Chröschtsonndeg ass zu Uselden g eng patriotesch Feier. D'Gre'tchen aus der Lonkecherstross vu Rodange ass hèrzlech agelueden.

## FAMILJENANNONCEN

En Donneschdeg, den 21. Dezember ass em halwer 10 Auer mures an der Kirech vu Weimeschkirch eng feierlech Möss fir de' 14 Jongen aus der âler Gemeng Eech, de' gezwongen an der preisescher Uniform gefall sin an zwar:

**Emil Reding,** Weimeschkirch
**Robert Toisul,** Eech
**Edy Hellenbrand.** Eech
**Nik. Thill,** Weimeschkirch
**Jules Steffen,** Kirchbirg
**Franz Scheffen,** Dummeldeng
**André Cannivé,** Eech
**J. P. Kohn,** Dummeldeng
**Paul Penné,** Millebâch
**Eugène Reuter,** Weimeschkirch
**Nik. Alff,** Millebâch
**Gaston Toussaint,** Weimeschkirch
**Franz Gouber,** Dummeldéng
**Lucien Kintzinger,** Eech

Unio'n Eech.

**Remerciement**

D'Familjen Jempi Schneider, Alf. Weets, Mischo-Kieffer an Angelsberg-Lucas soen der Unio'n vun De'fferdang, Nidderkur, Uewerkur an all aneren Sektio'nen, den Arbechskollegen, an all aneren vilimols merci fir d'Beiléd, d'Massen an de' vill Blummen, de' se onse le'wen an onvergiésslechen Männer a Jongen durbruecht hun.

De'fferdang, den 11. Dezember.

D'Unio'n vu Nidderkur délt matt, datt e Möttwoch, den 20. Dezember 1944 êm 10 Auer mures an der Parkirch zu Nidderkur eng Mass ofgehale get fir eise gudden an treien Mattarbechter

**Franz GOLDSCHMIT**

dé fir d'Hémecht am KZ.-Lager vu Nazweiler gesturwen ass.

De Franz war eiser Beschter én, a seng Verdengschter fir d'Hémecht sin eso', datt sein Undenken e'weg an eisen Hierzer stét.

Unio'n Nidderkur.

E Sonndeg, de 17. Dezember, em 10 Auer mures ass zu Bettendurf eng feierlech Joermass fir eise Chef a Komerod de

**Charel HANSEN**

**Distrikts-Chef vun der Unio'n**

Hié go'f den 22. Oktober vun de Preisen op Hinzert verschléft, a schon de 17. Dezember huet hié sei jonkt Liéwen am Dengscht vun der Hémecht un de Folge vun den ausgestanene Marteren misse lossen.

Mir wèrden hién, de Beschte vun de Beschten, nie vergiéssen.

**D'Unio'n vu Bettendurf.**

# Dat elei an dat elo!

**D'Première vun der Industrieschol'l** ass ze begleckwönschen fir hir neist Acquisitio'n. Si huet an hire Reien e Stodent aus der Michel Welterströss opgeholl, dén zo' déne berüchtegsten HJ.-Führer am Krich gezielt huet. Als Belo'nong fir seng propagandistesch Tätegkét go'wen d'Preisen him so'guer d'Krichsverdengschtkreiz e'schter Klass. Nach eng Ke'er eis bescht Gleckwönsch.

**An der Gro'ssgâss** um Eck önnert der Auer hänkt nach ömmer eng gro'ss-arteg Reklam vun dem beschtbekannten preisesche Reisebüro Zitta. D'ganz Ströss ass durch dat Schöld verschampele'ert. Wann d'Stad Letzeburg dat Schöld net bis iwermuer weggeholl huet, werfen ech e puer Pavestäng dran, dorop könnt dir iech verlössen.

**An der Regirong** huet et der Dég gebrannt. Hoffentlech sin d'Konten vu London a vun Amerika net matt verbrannt. Oder hu vleicht de' Giel aus dem Gronn, de' zönter e puer Wochen do de Buedem gewichst hun, dat Feierchen ugeluegt?

**An der Regirong** sötzt nach ömmer dén Här, dé ganz eleng vun alle Beamten d'Recht hat, fir de Gaulleiter z'önnerschreiwen an dén é vun de we'nege wor, dén e Juegdpermis hat. E wor matt Zeit an der VdB. an en huet me'ntlâng d'V-zéche gedroen. Als Entschiedegong fir de' schwe'er Chargen am Krich ge'f en elo gär Direkter vun enger Verwaltong gin. Mir bedaueren de' Beamten, de' d'Ongleck hun, dén **Här als Chef** ze kre'en.

eraus an eran gét, lauschteren un den Dieren a gesin wat op de Pulter leit. Besser könt én e Spionagedengscht net organise'eren.

**Verschidde Gesellschaften** sin am Gâng fir Millio'ne Frangen Dâchzillen aus Belgien anzefe'eren. D'Deirecht vun dénen Zillen, d'Deirecht vum weiden Transport werden d'Reparatuonkäschten an dénen zerste'erten Ge'genden op eng immens He'cht brengen. Fir wat können de' Zillen net hei gemâch gin a fir wat gin de' Fleckarbechten net mat Lée vun Demeschbach a vu Marteleng gemâch? Wat fir en Intressi huet un déne belschen Zillen de' Dengschtstell, de' d'Erlabnes zo' dém Import gin huet?

**An de belschen Zeidonge** sto'ng des Dég, datt eröm e puer letzeburger Delegatio'nen zo' Bre'ssel gewiescht wiren. Gott sei Dank, da stét no e puer Dég an eisen Zeidongen, datt si an de belschen Zeidonge gelies hätten, et wire letzeburger Delegatio'nen zo' Bre'ssel gewiescht. Et ass tatsächlech dén énzege Wé fir dat gewuer ze gin.

**Et schneit dobaussen,** d'Strösse leie voll Schne' an Dreck, all kritt é nâss Fe's, d'Schong gi futti, d'Strömp faulen, am am Gronn sötzen Honnerte vu Gielemännercher drechen hanner dem Uewen, aplaz d'Strössen ze botzen an ze kieren. Mir ge'wen hinne gieren gro'ss Kierbischten dofir gin, a net nömmen Zännbischten we' d'Preisen et e puer Mol gemâch haten.



**D'fönneft Kolonn** ass eröm do. All Verwaltongen, d'Justiz, d'Finanzen, den Travail a. e. w. gin dagdéglech matt Honnerte vu preisesche Demanden iwerschwämmt. Dodurch ass et onme'glech eng geuerdnet Arbecht unzefänken. Dobei spriechen all Dag Honnerte vu Preisen a Gieler an de Verwaltonge vir. Si sötzen stonnelâng an de Wartesäl, hönnere net nömmen d'Letzeburger an d'Beamten, mé gesin alles wat

**D'Jonggesellen** grönnen elo geschwönn e Club. Am Paragraph ént vun de Statuten stét, dat all Member sech verpflicht, sech ere'scht ze bestueden, wann de' Ömgesidelt Médercher eröm sin, oder wann de' kleng Médercher me' gro'ss oder gro'ss genuch sin. De' Médercher, dé elo heiratsfäheg sin, wanderen dach so'wieso' matt hire Freieren an Amerika aus.

# Iwerdriwen ass ongerecht...

Iwer d'Kapitel Justiz kre'e mer des Zo'schröft:

Dénen, de' d'Ménong vertriéden, datt bei der Beurtélong vun der patriotescher Haltong am Krich, é muss virsechteg virgoen an all Fall énzel muss pre'wen ob och wirklech eng Schold virleit, get virgeworf si wären zevill möll. Ech halen duerfir drop, well ech net schlecht verstane wöll gin, fir nach eng Ke'er ze präzise'eren: 1. Jidferén dé sech schölleg gemâch huet, muss gestroft gin. Seng Strof muss gerecht an hart gin. Mattléd durfe mir, an durf de Richter dobei net kennen, mé nömme streng, ganz streng **Gerechtegkét!** 2. D'Scholdfro muss matt der allergre'ster Gröndlechkét a Gewössenhaftegkét pre'ft gin. **De' strengst Strof ass grad streng genuch fir de' wirklech Schölleg; de kiengsten Ongleich ass ze vill hart fir en Onschöllegen. An eng gerecht Strof fuerdert och d'Upassong vun der Strof un d'Moss vun der Schold.**

3. D'Schold festzestellen, d'Moss dervun, an d'Strof festzeléen ass d'Sâch vun de Richter. Mir hu Vertrauen a si, datt si hir schwe'er Arbecht op eng me'glechst gerecht Mane'er mâchen.

4. Wann ons Gesetzer fir de' Fäll net **alles** virgesin, musse si ergänzt gin.

Wann é praktesch Virschle' ze mâchen huet, soll én se mâchen.

Mir stellen hei z. B. d'Fro vun de politesche Rechter vun dénen, de' sech am Krich als schlecht oder dach net als gudd Letzeburger erwisen hun. We' weit sin dénen, de' me' oder we'neger stark condanne'ert gin, d'politesch Rechter ofzesprièchen? Get et der net, dénen hir Haltong am Krich net compromettant genuch wor, fir elo zo' Prisong oder Geldstrofen condanne'ert ze gin, de' sech ower net genuch als Letzeburger beholl hun, fir können weiderhin iwert d'Geschécker vum Land mattbestömmen ze därfen? Do schengt mer nach eppes ze félen. Den Här Justizminister soll sech de Fall emol iwerléen.

Mé dat alles betröfft Enzelfäll. De' ganz Streng awer wöllen kategorieweis d'Schold festléen, o'ni op d'énzel Fall anzegoen. Eso' furderen z. B. de' eng: All de', de' an d'VDB gaang sin, sin als mannerwärteg Letzeburger unzegesin. Anerer soen: De' de' am Krich d'Pättchen eso' dack an d'Lucht gestreckt hun a bei all Preiss „hübsch" gemâch hun, si keng gudd Letzeburger. Eröm anerer gi me' weit a behâpten eso'gur: All de', de' elo net eso' se'er beihand si fir ze verdamen, hun eppes ze verstoppen a sin durfir eso' gedamert an der Verurtélong vun den aneren.

Et ass jo ze verstoen, datt mer nach all nervös sin, an datt durfir muenchérén, dé vleicht urg vill op senge Schölleren ze droen hat, ze vill se'er an och ongerecht juge'ert. Mé dofir huet en ower net Recht. Ech son em dofir nach eng Ke'er: Wie ganz onschölleg ass, dé soll den e'schte Sté rafen. An da stellen ech him e pur ganz onschöllog Froen:

Ech huelen un, datt dé ganz strengen Här net an der VDB wor, soss ge'f e ganz bestömmt sech net an d'ége Flésch schneiden an de' matt Romp a Stomp verdamen, de' dra woren. Mé wann hién och de schlömmsten Zwank net als Entschöllegong wöllt gölle lossen, da soll e mer äntweren:

1. Wors Du och net an der NSV? Oder an der DAF? Oder a soss engem preisesche Klub?

2. Hues Du net eng Ke'er d'Pättche gehuewen an hues Du net eng Ke'er „Heil Hitler" gesot?

3. Hues Du de ganze Krich durch net eng Ke'er engem Preiss sche' geschwat, em Recht gin, wann en der eppes virgebraddelt huet oder dach em net widersprach?

4. Hues Du net eng Ke'er e Preiss bei Dir dohém matt an deng Stuff geholl an em vleicht eso'gur eppes opgedöscht?

4. Wanns Du Bauer bass, hues Du ömmer nömme just dat ofgeliwert wats Du onbedengt hues missen, an dat anert alles ower **zo' dem He'chstpreis énzeg an eleng un trei Letzeburger ofgin,** an net eventuell emol engem Preiss oder engem Letzeburger zo' vill me' deiere Preisser?

Oder wanns Du e Geschäftsmann bass, hues Du net eng Parti vun denge Wuren hannert der Te'k verschwanne gedon, net fir se de Letzeburger zo' engem normale Preis ze gin, **mé fir se zo' ganz he'ge (Wucher)preisser** ze verkafen. An huet net emol e Preiss dést an dat krit, sief et well en et me' deier bezuelt huet, sief et fir datt en dech sollt a Ro' losse matt der Politik, der Preiskontroll oder de Steieren?

5. Hues Du wirklech neischt an d'Bex gin fir d'WHW oder hues Du eso'gur hei an do, oder nawell re'gelme'sseg e bössen deck dragegraff, fir eso' ro'eg gelöss ze gin?

Nun hal emol Gewössenerforschong a so Dir, mir brauchs Du et net anzegeston, emol e'rlech, bass Du wirklech eso' én 100prozentege Letzeburger gewiéscht?

Wanns De de' Fro wirklech matt Jo kanns beäntweren, da muss ech ower nach weider froen:

1. Sto'ngs Du ob enger **expose'erter Plaz, wo' vun Dir eng Entschédong fir oder ge'nt gefuerdert go'f?** Kruts Du z. B. gesot: Entweder an d'VDB oder mur bass De o'ni Plaz an Akommes an iwermur schaffs De an Deitschland als Strössenarbechter. Deng Fra an deng Kanner gi matt Dir erausgeheit an Dir könnt kapott goen vun Honger a Misär? Oder kruts Du als Geschäftsmann gesot: Wanns De net dragés, dann ass vu mur un dei Geschäft zo', an alles wats Du haut hues gehe'ert Dir net me'.

2. Bass Du iwerhapt gefrot gin fir an d'VDB oder en anere preisesche Klub, a wat fir enger Form? Wors Du net vleicht gudd mam Blockleiter, mam Zelleleiter oder eso'gur mam Ortsgruppenleiter, dén dann en A zo' gedreckt huet, wanns De him gesot hues, Du ge'ngs net gären dran?

Wanns De ower wirklech refuse'ert hues fir dran ze goen, **huet dei Refus Dir wirklech e Schued abruecht, déns De vu vireröf hues missen erwârden?** Hues De eng Plaz missen obgin, e Geschäft zo'gemâch krit, bass De wirklech drangsale'ert gin fir dei Refus? Oder konns De Deng Plaz weider behalen, dei Geschäft weiderfe'eren? Hues De an am Krich vleicht nach ewell zimlech Geld verdengt?

**4.Wat hues De aktiv fir dei Land geléscht?** Hues Du Propaganda gemach ge'nt de Preiss a seng Methoden? Hues De de Leide Kuräsch gemach fir auszehalen? Hues de dem Preiss seng Arbecht sabote'ert? Hues De Letzeburger, de' durch hire Patriotissem am Misär woren, geholfef? Wors De Member vun enger Resistenzorganisatio'n oder hues De we'negstens Gelder fir si gin?

Hues De e Jong, dén sech virun de Preisen huet misse verstoppen, önner Dach geholl oder we'negstens geholfef, datt en a Secherhét ko'm? Hues Du e matt Liewesmöttel oder dach we'negstens gelder versuergt? **Hues De Dei Kapp an d'Spill gesat fir dei Land? Mues Du wirklech freiwölleg Léd a Misär iwer Dech geholl, o'ni ze zecken an o'ni e Fangerbréd nozegin?**

Wanns Du dat alles kanns, op E'er a Gewössen, matt Jo beäntweren, da gestin ech Der d'Recht zo' ganz streng ze juge'eren. Ech wonnere mech dann nömmen 1. Dass De wirklech nach hei bass an 2. Dass De eso' streng **wölls** juge'eren.

Wanns De elo ower mengs, ech ge'f „pro domo" schreiwen, da kanns De mei Numm an der Redaktio'n vun der „Unio'n gewur gin. Ech mengen, mir ge'wen ons scho verston, wa mir ons emol ge'wen ausschwätzen. Mir wölle jo allebe'd Gerechtegkét. Ma losse mer vergiéssen, datt iwerdreiwen och datselwecht ass ewe' ongerecht sin.

r.

Et ass iwer de' Fro richten eso'vill scho gesot a geschriwe gin, datt é menge könt et wir es bal genuch an et ge'f én es bal midd.

Am Sönn vun deser Zo'schröft huet dach jidferén, dén hei wor, Geléenhét genuch gehat, sech seng Ménong ze machen iwer wirklech Schölleger, Netschölleger an eso'er, de' de Fuss gespilt hun. Et gét wirklech dur. Losst also d'Gericht elo de Rescht man, a bleift durno nach ze redresse'eren, da si mer jo och nach do.

D. ... n.

# Un „ons Jongen"

(Fortgesat vun der 1. Seit.)

d'Blat musse botzen, wann der èr Le'er hannerun iech huet. Also verlangt eng spezial a schnell Ausbildong an op dèr aner Seit nömmen provisoresch Ustellongen. Verlangt och, datt der eso'lang we' de' Le'erzeit dauert, de' der musst nohuelen, materiell a kulturell önnert d'Ârm gegraff kritt.

Der huet iech, wat dat Kulturellt ubelangt jo scho selwer op d'Bén geholleff. Dat ass e gudd Zéchen, wann é sech vir d'e'scht selwer hölleft an da kann én och vun dénen aneren verlangen, datt si beispringen. Et huet mir se'er gudd gefall, datt dir op èrem Programm de kulturellen a sportlechen Dél net vergiéss huet. Dir denkt un èr Komeroden, de' fir Letzeburg gefall sin, dir spillt Theater a Concert, dir organise'ert Familjenowender, dir spillt Football an Tennis. Dat sin elauter gesond a gudd Sâchen an dir halt och domat ère gefalene Komeroden an iech selwer eng sche' Komerodschaft; do muss é matt zwo' Hänn Beifall klappen. Dir huet jo och ganz vill Idealisten an èren Reien an ech hoffen, datt si ère sche'ne kulturelle Programm nach me' ausschaffen an och eso'gur emol eng Ke'er eppes ganz Neies fir dat neit Letzeburg fannen. Dir als de' Jong huet och d'Recht, iech iwert d'sozial Fro Gedanken a Ménongen ze mâchen. Ech wöll iech och do e gudde Rot gin: Sidd net zevill éseiteg a fâlt net an Extremer! Stellt op gesonter Basis gerecht Fuerderongen op, de' sech och praktesch realise'ere lossen! Da stét och all verstännege gudde Letzeburger hanner iech an èrer gerechter Sâch an ech perse'nlech paken iech dann och gären eng Hand un, wann et muss sin.

**De klenge Letzeburger.**

# Durch Reider a Wân

(Fortgesat vun der 1. Seit.)

D'Gerechtegkét fuerdert durfir, datt de', de' sech eso' vergângen hun, festgestallt gin a bestrôft. Si musse gestrôft gin well si sech a schwe'erster Zeit um Land versöndegt hun, well si onerlâbt Krichswuchergeschäfter gemâch hun, a well si dem Bauerestand One'er a Schued gemâch hun.

Et durf net zo'geloss gin, datt dat, wat de' traureg Geschäftsmecher verbrach hun, den e'rleche Baueren, an dat si weitaus de' méscht, zur Lâscht geluegt get. De Bauer, dé gér a freiwölleg seng Affer bruecht huet, dén aus Patriotissem an aus Anstännegkét op é Benefiss, dén em obgedrängt go'f, verzicht huet, dé Bauer, dén önnert schwe'rer Gefôr fir sech a seng Familjen, onse verstoppte Jongen Liewesmöttel gelivert huet, sief et a ganz ville Fäll fir neischt, soss ower zo' ganz böllege Preisser iwerloss a gedroen huet, dén dé selwer én oder zwe'n, och alt 7 an nach me' Jongen verstoppt hat a fir si opko'm, duerf net u senger E'er Schued leiden, durch eso' Grippjangen.

**Dén, dén am Krich iwerdriwe Preisser bezuelt huet oder gefrôt krut, huet durfir net dat Recht, iwer d'Baueren am allgemengen hirzefalen. Hien huet ower d'Pflicht, wann hie selwer e gudde Letzeburger wöllt sin, fir de' Fäll unzemellen.** Et kann dann festgestallt gin, ob et Bauere woren, de' sech domat schölleg gemâch hun, oder ob et sech (och dat ass virkomm) em Kettenhändler handelt, de' zo' normale Preisser beim Bauer kaft a vleicht nach gesot hun, si missten engem Ömgesidelte schecken, oder engem Jong an der Wehrmacht, an de' dann d'Liewesmöttel zo' Wucherpreisser weider verkaft hun. Ob Bauer oder Kettenhändler, hir Nimm musse bekannt gin a si mussen hir Strôf kre'en.

D'E'er vun onsen Baueren an d'gudd Recht erfuerderen, datt de' Fäll, de' eso' gären verallgemengert gin, durch Reider a Wân geholl gin. Wat schlecht ass stellt sech dann eraus a kritt sei Lo'n. Also' vil héscht et net me' de Mond voll gehol, mé Farw bekannt an Nimm an Zuele genannt!

Vum 10. September 1944 un ass d'Situatio'n geännert. Elo produze'eren ons Baueren nömmen me' fir d'Letzeburger. Me' we' virdrun musse si hir Produktio'n intensive'eren. Datt si et mâche wèrden, stét fir ons ausser Zweiwel.

Vun do un gehe'ert ower alles, wat produze'ert get, dem Land. Et durf neischt me' zreckgehâle gin, wat den égene Stot net brauch. Wat me' ofgeliwert get, könnt kengem Preiss me' ze gudd, mé nömmen de Letzeburger, dénen et félt. De Bauer, dén no vleicht ganz kurzer Zeit ob d'Solidarite't vun alle Letzeburger rechne muss a rechne därf, fir könne weider ze bestoen, muss haut dat Affer verdengen, dat d'Land him spe'der brenge muss. Wann hien haut zreck hält a verhamstert, ass hien e schlechte Letzeburger, grad eso' we' dén, dén hamstere gét. Wien haut me' we' den Hechstpreis ofhölt oder frét, gehe'ert önnert d'Kategorie vun de Wucherer.

De Bauer, dén sech haut ob de Standpunkt stellt, datt dat wat hien produze'ert, dach him a ne'schter Linn gehe'ert, an hien durfir we'negstens nach iwer én Dél dovun frei därf verfügen, därf net vergiessen, datt hien spe'der och net sei Botter, sei Wéss a sei Ve' me' deier bezuelt kre'e kann, we' mir et soss enzwo' kre'e könnten. **Elo ass de Moment fir d'absolut Solidarite't ze weisen, fir se spe'der fuerderen ze därfen.**

De Bauer, dén am Krich e gudde Letzeburger wor, durf et haut net manner sin.

Wa mir dat schreiwen, an eso' stârk duerop drecken, dann ass et well och haut nach No't um Man ass. De klenge Man, den Arbechter, de Beamten, ka keng Wucherpreisser bezuelen, an e muss ower och liewe können. De Bauer kann a muss op hien och fir spe'der me' rechnen ass we' op de' puer de' haut deck Preisser bezuelen, an no e puer Jor, vleicht schon iwer e puer Me'nt, vun uwen erow op den „Möschtbauer" erofkucken, an dém et dann égal ass ob e weider existe'ere kann oder net.

So' we' mir ons Bauere kennen, bleiwe si och elo, wat si am Krich woren: Gudd Letzeburger.

r.

# Aus dem Kolle'sch

Zönter datt d'Preise fort sin huet eröm am Kolle'sch e geregelt Liewen ugefângen. 'T ass zwar nömmen all zwe'n Dég Scho'l, mé mir le'eren ower me' we' bei de Preisen an enger ganzer Woch. Onsen âlen Directer ass och eröm um Dill. Wann é jo un de Siff matt senger jeitzeger Stömm, an un de Zorten we' de Krupp, de Sapp an un den ébénege Bumski zreckdenkt, da könnt én d'Gielzecht kre'en. Démols 1942, we' mir gestreikt hun, we' mir sech dun de Siff an de Lippmann, den Oberschulrat, un d'Arbecht gesat fir verschidden deitschfeindlech Elementer aus dem Kolle'sch ze werfen.

Matt der HJ.-Spengel, dem „Maikäfer" wor et all eso' eng Sâch. Fir eis wor et nach lâng ké Plese'er de ro'den Dreck ze droen; mir hun e jo och net ugedoen; just wann de Siff and er Klass Spengelkontroll virgeholl huet, dann ass alt hien an do d'Spengel am Knapplach erschengen. Eis Entschöllegongen woren ömmer de' hei: „Ich habe meins verloren und der Jang hat keine mehr." Eise Portier wor nämlech vum Siff zum „Maikäfergrossist" ernannt gin. Mé et wor ké gude Geschäftsman, well en huet ömmer gekno'tert, wann e Client kom ass. All Mo'nt hu mir och missen den HJ.-Ausweis virweisen, ob mir och ömmer am Dengscht woren. De' e'schte Ke'er sin d'Männ ... bei de Neischnotzen kreische gangen, datt hire Jong sollt de Stempel op d'Kârt kre'en. De' zwéte Ke'er hate mir d'Sâch eraus, de' hu mir et mer einfach gemâch, de' Jonge wösse jo Beschét, de' kén Ausweis haten.

Heil Hitler, hu mir misse virun all Stonn soen, d. h. d'Preisen hun et fir eis matt gebröllt. Ob den Addy sech an eisem Sall wuel gefillt huet, wöll ech net behapten, well we'negstens zwanzegmol den Dags huet en der mamm Schwamp iwer d'Bomm kritt.

Gott sei Dank, datt mir ... Schupsäck lass sin an, datt mir elo eppes Vernönfteges le'eren. Wa mer elo nach letzeburgesch biede le'eren, da si mir Jongen!

E Quintaner.